ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot :

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Regierung sech zesumme mat enger Rei Länner fir ee Stopp vun Neiumeldungen vun Autoe mat Verbrennungsmotor vun 2030 un asetzt;

- vill technesch Froen an dësem Dossier, souwuel um Niveau vun de Privatautoen wéi och vun de professionelle Gefierer nach net gekläert sinn, wéi aus den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nummer 4313, 5100 an 5101 ervirgeet:

- déi grouss Majoritéit vun de Bierger retizent op déi vun der Regierung favoriséiert Technologie vum Elektromotor ze si schéngt, wéi d'Immatrikulatiounszuele weisen. Sou waren op de Stéchdatum vum 1. Oktober zu Lëtzebuerg grad emol 3424 Elektroautoen op Privatleit a 7129 insgesamt ugemellt;

ass sech bewosst, datt
- dës Initiativ vun der Regierung e staarken Agrëff an d'Privatautonomie vun de Bierger duerstellt;

fuerdert d'Regierung op,
- hir Aktivitéit fir ee Stopp vun Neiumeldungen vun Autoe mat Verbrennungsmotor vun 2030 un, zeréckzezéien;